ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 12. August 2022

Här President,
esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

D'RGTR-Linne goufe rezent nei nummeréiert. Parallel dozou koum et awer och zu vereenzelte Streckenännerungen am RGTR-Reseau. Esou gouf z.B. déi fréier RGTR-Linn 682 opgedeelt op zwou Linnen: D'Linn 162 an d'Linn 176.

D'Linn 682 ass am 30-Minutten-Takt gefueren, déi nei Linnen (162 an 176) ginn am Stonnentakt gefueren. Dës Ännerung gestalt sich fir vill Benotzer vum ëffentlechen Transport als onpraktesch, well och den Zuch eng 30-Minutten-Frequenz virweise kann.

An deem Kontext hätt ech folgend Fro un den Här Minister

- Aus wat fir enge Grënn ass d'Linn 682 a méi Linnen opgedeelt ginn, wat sech am Endeffekt als onpraktesch erweist?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten